Lëtzebuerg, den 1. Februar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« Et ass mer zu Ouere komm, dass am Laf vun der Pandemie CFL Cargo op mannst ee gréissere Client verluer hätt, dee säi Wuerentransport nees zréck op d'Strooss verluecht hätt, well dëst méi käschtegënschteg wier, an dass dowéinst souguer Personal vun CFL Cargo reaffektéiert hätt misse ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- *Kann den Här Minister dës Informatioune confirméieren ? Wa jo, kann den Här Minister Prezisiounen dozou ginn ?*
- *Wéi vill Mataarbechter sinn innerhalb vum CFL Grupp reaffektéiert ginn ?*
- *Huet de Wuerentransport iwwer d'Schinn an der Pandemie un Attraktivitéit par Rapport zum Camion verluer ? Wat wieren d'Grënn dofir ? Wat gedenkt d'Regierung z'ënnerhuele fir dësen Trend eventuell ze bremsen ? »*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten